PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/03/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sport weiderzeleeden.

Um Kongress vum COSL vum 20te Mäerz gouf de Bilan vun 2020 gezunn, an een neie Verwaltungsrot gewielt. Um Kongress war och de Sportminister, deen erkläert huet, dass de Ministère am Kader vum Plan de relance "Restart Sports" d'Sportswelt, mat 3,4 Milliounen Euro ënnerstëtzt huet.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Kann de Minister Detailer zu dësen Ënnerstëtzunge ginn?
   - Wéi vill € sinn un Sportveräiner aus Federatioune gaangen, déi Wettkampf-Sport bedreiwen?
   - Wéi vill € sinn un Sportveräiner aus Federatioune gaangen, déi kee Wettkampf-Sport bedreiwen?
   - Wéi vill € sinn un d'F.S.L.H. gaangen?
   - Si Suen, fir aner sportlech Aktivitéiten (Therapie-Sport, Integratioun,...) gaangen?
2. Sportsveräiner konnten op Guichet.lu bis den 31.12.20 hëllefen ufroen. Och 2021 wäert fir si ee schwéier Joer ginn.
   Ass virgesinn, dës Hëllefe weider ze féieren?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député